Gréiwemaacher, September 2024

natur&ëmwelt a.s.b.l.
Kanton Gréiwemaacher

Léif Vertriederinnen, léif Vertrieder vun ärem Guiden- an/oder Scoutsgrupp,

Erlaabt eis, ons kuerz virzestellen. Mir sinn eng vu ronn 25 Lokal- a Regionalsektiounen vun *natur&ëmwelt a.s.b.l.* Mir setzen eis an de Gemengen an Dierfer vum Kanton Gréiwemaacher fir de konkreten Naturschutz an, fir datt eis natierlech Liewensräim den néidege Stellewäert kréien a behalen. Mir probéieren, de „grand public" duerch verschidden Aktiounen ze sensibiliséieren an eis fir Nohaltegkeet ze engagéieren.

Wann en op ärer Internetsäit ass, da stiechen engem Schlësselwieder wéi *Respekt, Motivatioun* an *Nohaltegkeetsdeeg* direkt an d'Aen. An do hu mir eis „points communs", eis gemeinsam Beweeggrënn! Bei eis ass d'Iddi opkomm, regional Initiativen am Natur- an Ëmweltschutzberäich ze ënnerstëtzen, déi net duerch aner Moyenen couvréiert ginn. A genau do kommt dir an d'Spill: **Mir lancéieren iwwert de Summer an Hierscht vun dësem Joer e Concours, wou dir eis däerft Projeten eraschécken, déi mir als Partner ënner bestëmmte Conditioune finanziell ënnerstëtzen.**

Hutt dir scho méi laang eng gewësse Projetsiddi am Kapp, déi dir aus finanzielle Grënn net konnt ëmsetzen? Denkt dir un e konkrete Projet, deen dir duerch eis finanziell Ënnerstëtzung an eventuell Berodung kéint duerchféieren?

Ënnerschiddlech Theme sinn an dësem Kontext eligibel, beispillsweis am Beräich Offallvermeidung, Recyclage, Educatioun, Naturschutzaarbescht asw. De Projet soll op Lëtzebuerg begrenzt bleiwen. Mir géifen d'Käschte fir d'Realisatioun vum Projet mat **bis zu 1.500 Euro** finanziell ënnerstëtzen.

Wann dir wëllt participéieren, musst dir eng Beschreiwung vum Projet **bis den 31. Januar 2024** areechen. Dofir reecht dir de Formulaire an der Annexe per Mail un sektioun.greiwemaacher@naturemwelt.lu bei eis an.

Déi genau Krittären, deenen de Projet muss fir eng finanziell Ënnerstëtzung entspriechen, fannt dir op der zweeter Säit vun dësem Bréif. Vun allen agereechten Projeten siche mir um Enn vum Joer een aus, den eis am innovativsten schéngt, an mat dem mir eis am beschte kënnen identifizéieren. Wann dir et wënscht, kënne mir iech och berodend ënnerstëtzen. Dir dierft eis zu all Moment bei Onkloerheeten uschreiwen.

Mir hoffen op vill flott Projeten a freeën eis op eng interessant Zesummenaarbecht mat iech.

De Comité vun der Sektioun

## Reglement fir d'Participatioun un eisem Concours

**Wien dierf e Projet areechen?**

- LGS-Gruppen aus de Gemenge vum Kanton Gréiwemaacher
- FNEL-Gruppen aus de Gemenge vum Kanton Gréiwemaacher

**Wéieng Projeten sinn eligibel?**

- nei Projeten a Projeten, déi scho lafen
- Themen: Schutz vun natierleche Ressourcen, natierlech Ekosystemer, Sensibilisatioun, Landwirtschaft, Schutz vu wëllen Déieren, Schutz vu wëlle Pflanzen, Bestëbser, Ëmweltverschmotzung
- D'Projeten mussen nohalteg a sozial verträglech sinn.
- D'Projeten mussen zu Lëtzebuerg ofgehale ginn.

**Wël kann een um Concours deelhuelen?**

- Areeche vum Projet iwwer Mail (sektioun.gréiwemaacher@naturemwelt.lu)
- Deadline: 31. Januar 2024
- Maximum 3 Projete pro Grupp.

**Wéi gëtt de Gewënner-Projet ausgewielt?**

- De Projet gëtt vum Comité vun der Sektioun Kanton Gréiwemaacher ausgewielt.
- De Projet respektéiert d'Kritären aus dëse Conditiounen.
- De Projet ass pertinent.
- De Projet ass efficass.
- De Projet ass méiglechst laangfristeg resp. huet e groussen Impakt.
- De Gewënner-Projet gëtt nom 1. Mäerz 2025 bekannt ginn.

**Wéi gëtt de Gewënner-Projet ënnerstëtzt?**

- De Gewënner-Projet kritt eng finanziell Ënnerstëtzung vu maximum 1.500 €.
- D'Comitésmembere vun der Sektioun Kanton Gréiwemaacher ënnerstëtzen de Grupp als Partner fir d'Planificatioun an/oder Ëmsetzung vun hirem Projet.
- D'Sue ginn nom 1. Mäerz 2025 op de Kont vun der Associatioun iwwerwisen.

**Verflichtunge vun der Gewënner-Associatioun**

- D'Suen dierfen exlusiv fir den agereechte Projet benotzt ginn.
- D'Associatioun muss e finale Rapport vum Projet areechen, soubal dësen duerchgefouert gouf.
- D'Associatioun verflicht sech, net genotzte Suen, déi am Kader vun dësem Concours ausbezuelt goufen, zréck ze iwwerweisen, wann déi reell Käschte vum Projet méi déif ware wéi erwaart.
- D'Associatioun notzt d'Mentioun „mat der Ënnersëtzung vun natur&ëmwelt Sektioun Kanton Gréiwemaacher" an all de Supporte fir d'Communicatioun vun dësem Projet.

**Kontakt an Informatiounen zum Concours**

Fir all weider Informatioun a Fro zu dësem Concours, kontaktéiert w.e.g. de Comité vun der Sektioun Kanton Gréiwemaacher: sektioun.greiwemaacher@naturemwelt.lu

**Concours vun natur&ëmwelt Sektioun Kanton Gréiwemaacher**

**Formulaire de participation**

natur&ëmwelt a.s.b.l.
Kanton Gréiwemaacher

## Är Organisatioun

Offiziellen Numm: ______________________________________________

Haapt-Aktivitéiten: ______________________________________________

______________________________________________

______________________________________________

Adress vun der Organisatioun: ______________________________________________

Numm vum Responsable resp. Uspriechpartner/in: ______________________________

Telefonsnummer vum Responsable resp. Uspriechpartner/in: __________________________

Internetsite (falls zoutreffend): ______________________________________________

Social media Kanäl (falls zoutreffend): ______________________________________

## Descriptioun vum Projet

Titel vum Projet: ______________________________________________

Kuerz Beschreiwung vum Projet: ______________________________________________

______________________________________________

______________________________________________

______________________________________________

Konkret Aktioune fir den Natur- an/oder Ëmweltschutz, déi am Kader vum Projet sollen duerchgefouert ginn:

______________________________________________

______________________________________________

______________________________________________

______________________________________________

______________________________________________

## Ressourcen

Komplette Budget fir d'Realisatioun vum Projet: ______________________________________

Montant u finanzieller Ënnerstëtzung, deen dir am Kader vun dësem Concours ufrot: __________________

| Montant | Notzung vum Montant |
|---|---|
| | |
| | |
| | |

## Oflaf

Datum vum Ufank vum Projet: ____________________________________________________________________

Datum fir de Schluss vum Projet: __________________________________________________________________

Beschreiwung vun den eenzelnen Etappe vum Projet: ______________________________________________

____________________________________________________________________________________________

____________________________________________________________________________________________

## Dateschutz a Reglement

D'Organisatioun acceptéiert mat der Soumissioun vun dësem Dossier, datt déi Donnéeën, déi am Kader vun dësem Formulaire ausgefëllt goufen, vum Comité vun der Sektioun Kanton Gréiwemaacher kënnen traitéiert ginn.

- ○ Jo
- ○ Nee

D'Organisatioun acceptéiert mat der Soumissioun vun dësem Dossier, datt de „Reglement fir d'Participatioun un eisem Concours" gelies gouf an acceptéiert gëtt.

- ○ Jo
- ○ Nee